Cercle Luxembourgeois de l'Aérostation (CLA) 245, rte de Longwy L-1941 Luxembourg		**Datum :**	26.03.2022
		Plaz vun der Réunioun :	Peppange – Musée rural
		Rapporter :	Laurent Menster
		Präsenz :	cf. : Lëscht Verso

Rapport vun der Generalversammlung vum CLA

den Samschden 26. März 2022 um 18.00 Auer zu Peppeng am Musée rural

No enger kuerzer Aleedung vum Präsident Claude KRAFT huet dësen nach eng Kéier all de Memberen Merci gesot fir hir Aarbecht am Joer 2021, an huet d'Versammlung zu enger Gedenkminutt fir deen am Dezember 2021 verstuerwenen Grënnungsmember vum CLA dem Jules BACKES opgeruff.

Den Claude KRAFT huet d'Presidence, den Laurent MENSTER huet d'Sekretariat vun dëser Generalversammlung iwwerholl.

De Präsident ass dunn kuerz ob dat vergaangent Joer agaangen wou dann och nach leider de Corona Virus bei ville Saachen ee Strech durch d'Rechnung gemaach huet, ënnert aanerem durch déi während längerer Zäit gülteg Ausgangsspär.

Am Laaf vum Joër 2021 huet dann awer d'Carine Lallemand seng Pilotenausbildung am CLA senger Flugschoul erfollegréich mat senger BPL Lizenz oofgeschloss, den Max Eastwood haat jo schons 2020 seng Pilotenausbildung an Spuenien oofgeschloss. Noodeems d'Oana Picincu och elo hiir Pilotelizenz an enger spuenescher Flugschoul oofgeschloss huet an dem CLA wëllt bäitrieden, wärten déi 3 nei Piloten dann och ab elo am Kader vum CLA weider Flugstonnen hei zu Lëtzebuerg sammelen.

Aktuell sin de Bob Bierlair an den Jean-Pierre Tibesart an der CLA Flugschoul als Schüler angeschriwen, den Nico Betzen huet aktuell 3 Flugschüler als Instrukter. Den Claude Weber ass aktuell amgang an Däitschland säin Flightinstrukter fir Ballon ze maachen an wärt duerno dann d'Equipp vun der CLA Flugschoul ergänzen.

Den Präsident huet unschléissend nach matgedeelt, datt fir 2022 nees en Luxembourg Balloon Trophy organiséiert sollt gin, mee datt opgrond vun der aktueller Situatioun (noo Covid an elo de Krich an der Ukraine) de Budget leider net méi garantéiert woar an deemno den LBT no Recksprooch mat der Mierscher Gemeng oofgesoot gouf.
Wëll Sungas trotzdem seng Ennerstetzung zougesoot huet, probéiert den CLA eventuell awer e Ballonsevent dee WE (23-24. Juli 2022) zu Miersch am Park op d'Been ze stellen, allerdings am ganz klengen Kader.

Dann huet den CLA dem langjährege Sponsor CK matgedeelt, datt mam Ooflaafen vun der lëschter Konventioun tescht dem CLA an CK, den CLA keng weider nei Konventioun mat CK wëllt angoën.
Am Laaf vum Joër 2021 sin 2 nei Ballonshüllen fir den CLA ukomm, deen neien LX-BOL fir d'Loterie Nationale, an deen neien LX-BOS fir Enovos, wou och eng nei Remorque ungeschaaft gin ass.

De Laurent MENSTER huet uschléissend ee kuerzen Iwwerbléck ginn iwwert d'Ballonsaktivitéit am Joer 2021, wou 14 Piloten mat 9 Ballonen, am Laf vum Joer 136 Flich absolvéiert hunn wat engem Total vun ronn 163 Fluchstonnen entsprécht.

Wat deen administrativen Deel ugeet esou sinn am Joer 2021 2 Reuniounen vum Conseil ofgehale gi, an op engem Samschden gouf dat ganzt Material vum CLA an Stand gesat.

Am Fräizéit Beräich war den CLA am Juli mat e puer Ballonën zu Chambley (F) op dem Grand Est Mondial Air Ballons an den 25. September huet den CLA seng 30 Joër mat engem klengen Ballonsevent um Camping Kengert ‚gefeiert'.

Um sportleche Plang dann waren de Colin Weber an de Claude Kraft am Summer op d'Schwäizer Meeschterschaft an am Hierscht op de Benelux Cup.

Am Nationale Ranking ass de Colin WEBER momentan op der Plaz 3 an den Claude KRAFT op der Plaz 4.

D'Véronique Metz huet duerno als ‚nei' Tresorière ee kuerze Rapport iwwert d'Finanzen vum CLA presentéiert, wou et fir 2021 en , excédent de recette' vun ronn 50000.-€ am Bilan vum CLA senge Finanzen gëtt. Hei sief awer bemierkt, datt am Laaf vun 2022 wahrscheinlech méi Suen mussen bereed gestallt gin fir de Gas ze beuelen, wëll de Gaspräis extrem an d'Luucht gaangen ass.
Et gouf op deser Plaz och nach dorunner erënnert datt am Laaf vum Joër 2022 d'Comptabilitéit vum CLA muss ob déi nei Modalitéiten fir ASBL ungepasst gin.

D'Vero huet dann och nach e provisoresche Budget fir 2022 opgestallt an zesumme mat der Versammlung gouf d'Cotisatioun fir d'Joer 2022 nees ob 50.-€ fixéiert.

D'Keeserevisoren, vertrueden duerch den Marc ROSENFELD an den Jean-Claude WEBER hunn dem Vero eng excellent Féierung vun der Keess attestéiert an proposéiert d'Decharge ze gi. De Präsident huet deenen 2 Keeserevisoren, déi och fire e weidert Joër am Amt bleiwen, Merci gesot.

De Claude Weber huet uschléissend proposéiert fir mat engem Deel vum CLA sengem Geld Investissementer an d'Zukunft vum Club ze stiechen. Eventuell Subventioun fir Piloten déi ob eng WM oder EM gin, woaren hei och am Gespréich, dest sollt allerdings an enger nächster Comitésversammlung méi konkret beschwaat gin.

Een vun den zukünftegen méi groussen Investissementer ass an bleiwt nach ëmmer de Projet vun engem eegenen Hangar fir den CLA. No deenen rezenten Informatiounen ass et allerdings esou datt de Projet vun engem Hangar zu Useldeng am Moment net weider wärt verfollegt gin, mee et sollt aktiv no engem neien alternative Site gesicht gin. Och hei soll an enger nächster Réunioun vum CA doriwer diskutéiert gin.

Wëll keng nei Kandidaturen an der Versammlung virlounge, bleiwt den Conseil d'administration vum CLA mam Präsident, dem Sekretär an der Trésorière fir weidert Joër am Amt.

Divers:
De Jean-Claude Weber huet dorunner erënnert dat den 31. März 2022 d'Sportslizenzen bei der FAI auslaafen an nees nei ungemëllt musse gin.
Och woar et d'Info datt d'Internetsäit vun der FAL viirgesäit datt d'Aktivitéit vun all Club do promuvéiert gët. Dem CLA seng Facebook Säit soll do verlinkt gin.

De Jean-Claude Weber huet och matgedeelt datt heen selwer zesummen mam Jean Lorang an Carlo Lecuit Memberen vum Fliigermusée sin, an huet der Versammlung matgedeelt datt een mat enger Memberskaart (25.-€) de Fliigermusée ënnerstetze kann.

De Claude Weber woar ob der FAI Sitzung zu Roum an huet der Versammlung heizou weider Erklärungen gin. An deem Zesummenhang huet den Jean-Claude Weber, nach emol dorunner erënnert datt de Claude Weber zesummen mat engem Team vun aaneren Ballonspiloten de System Balloonlive entwëckelt huet, an datt dese System och an Zukunft soll bei allen Kompetitiounen an den Asatz kommen. (waat am Moment leider nach nët vun all Organisateur esou applizéiert gët)

Ofschléissend huet de President Claude KRAFT nach allen den Unwiesenden Merci gesot fir hir Presenz bei dëser Generalversammlung an den Owend gouf bei engem Owesiessen zesummen ausklenge gelooss.

Präsenz: (P = présent ; E = excusé)

1	Bellot	René	
2	Blaising	Jean-Marc	
3	Diswiscour	Luc	
4	Eastwood	Marcus	P
5	Elvinger	Benoit	
6	Fischels	Norbert	
7	Fleres	Paul	E
8	Hertz	Pierre	
9	Kieffer	Rick	P
10	Klein	Pierre	E
11	Kloos	Philippe	P
12	Kraft	Claude	P
13	Kraft	Georges	P
14	Kremer	Marc	P
15	Lallemand	Carine	
16	Lecuit	Carlo	P
17	Lorang	Georges	
18	Lorang	Jacques	
19	Lorang	Jean	P
20	Lorang	Lilibeth	P
21	Menster	Laurent	P
22	Menster	Sandra	P
23	Metz	Véronique	P
24	Neuens	Alain	P
25	Pirsch	Fabienne	
26	Pyziak	Lucas	E
27	Pyziak	Gregory	P
28	Reichert	Tom	
29	Rosenfeld	Marc	P
30	Simon	Claude	
31	Tossing	Francine	P
32	Weber	Claude	P
33	Weber	Colin	P
34	Weber	Jean-Claude	P
35	Weber	Riette	P
36	Welscher	Annick	P
37	Welter	Norbert	P
38	Weyer	Edmond	P
39	Andre	Jo	
40	Hermes	Claude	P
41	François	Eric J.	E
42	Mamer	Peggy	P
43	Jacoby	Marc	
44	Bierry	Sylvain	E
45	Picincu	Oana	P
46	Collie	Christophe	P
47	Tibesart	Jean-Pierre	P
48	Bierlair	Bob	
49			
50			

Notizen:

Cercle Luxembourgeois de l'Aérostation asbl

Rapport d'activités 2021

Assemblée Générale CLA – Revue de l'année 2021:

26/03/2022 à 18 heures : Brasserie am Musée zu Peppeng

Membres du CLA actifs en 2021:

	CLA
n membres	46
n instructeurs	2
n pilotes AX	14
n pilotes BX	0
n pilotes AA	0
n élèves-pilotes	1
n licences sportives	17
Président	Claude KRAFT

Activités et réunions du CLA en 2021:

	Dates	Lieu
Réunion CA	10.02.2021	Video Réunion CLA
Assemblée générale	17.02.2021	AG Revue 2020 – Video Réunion
Remise en état matériel	04.2022	Bettembourg Hangar
Réunion CA	21.04.2021	Video Réunion CLA

Nombre de vols des aérostats actifs en 2021 :

Immatriculation	Nombre de vols	Statics / Tether	Heures de Vol	Sponsor
LX-BLN	17	/	26h 55min	Loterie Nationale
LX-BOL	11	/	11h 55min	Loterie Nationale
LX-BUS	21	/	23h 10min	Sales-Lentz
LX-BOS	20	/	25h 5min	Enovos
LX-BPL	20	1	28h	Post
LX-BCK	15	/	15h 10min	Charles Kieffer
LX-BOP	/	/	/	CLA
LX-BLU	2	/	1h 20min	CLA
LX-BLX	16	1	19h 15min	Tourisme
LX-BEA	14	/	12h 30min	Ville d'Esch
Total :	**136**	**2**	**163h 20min**	

Cercle Luxembourgeois de l'Aérostation asbl



Activités de loisirs du CLA en 2021:

Manifestation	Dates	Lieu
GEMAB 2021 - Chambley	23 juillet – 1 août 2021	Chambley-Bussières
Vol Anniversaire 30ans CLA	25 septembre 2021	Camping Kengert - Larochette

Cercle Luxembourgeois de l'Aérostation asbl

Activités sportives du CLA en 2021:

Manifestation	Date	Pilotes CLA
Schweizer Meisterschaft (Emmental)	5.8.2021 – 8.8.2021	Colin Weber Claude Kraft
Benelux Cup (Vielsalm)	7.10.2021-10.10.2021	Colin Weber Claude Kraft

National Ranking List 2021 au 11.11.2021				
Nom	Résultat 2020 (30%)	Résultat 2021 (70%)	Ranking List 2021 (100%)	**Ranking**
Betzen Christophe	**105,422**	**620,060**	**465,669**	**1**
Betzen Nico	**0,000**	**561,757**	**393,230**	**2**
Weber Colin	**95,072**	**388,794**	**300,678**	**3**
Kraft Claude	0,000	425,545	297,882	4
Mignot Clement	0,000	366,832	256,782	5
Klomp Georges	0,000	0,000	0,000	/
Sauber Claude	0,000	0,000	0,000	/
Feltes Goy	0,000	0,000	0,000	/
Klein Jean	0,000	0,000	0,000	/
Lorang Jean	0,000	0,000	0,00	/